

SONDAGE KRONOSPAN



Am Kader vun der Commodo-Incommodo Prozedur fir eng Ufro fir eng Erweiterung vun der Autorisatioun vun der Firma KRONOSPAN fir weider Spanplacken ze produzéieren, zum Deel geféierlechen a gëftegen Offall ze stockéieren, fir spéider an enger Cogeneratiounsanlage déi Offall ze traitéieren an ze verwäerten, hat d'BIGS en avis formuléiert an op der Gemeng deposéiert.

An eisem Avis hate mir gefrot, dass am Virfeld vun engem Ausbau déi besteend Problemer sollten op hier Ursachen analyséiert an behuere ginn.

Am Dossier war eis opgefall, dass vu weideren Emissiounen vu klengen Partikelen, chemesch Substanzen wéi z.Bsp. de Formaldehyd rieds war, wat fir eis d'Gefor vun enger Verstärkung vun der Verschmutzung vun der Loft duerch Gëftstoffer a Geruch kéint féieren. Eng Erweiterung vun der Produktioun riskéiert och de Problem vum Kaméidi, dee virun allem Nuets vun der Inspektion de l'administration de l'environnement festgestallt gouf, ze verschlimmern.

Fir eis misst KRONOSPAN fir d'éischt konform zu den Ëmweltschutzbestëmmungen ginn an da misst och de ganzen Impact op d'Natur gekuckt ginn. An der Klimakris müssen all Emissiounen vun Zäregasen a Gasen déi Niewewirkung matsechbrénge kontrolléiert an vermidde ginn.

An engem Sondage, dee mir scho virun der Pandemie ugekënnegt haten, an dee mer dann am Kader vun dëser Prozedur zu Suessem an Zolwer duerchgezunn hunn, haten am Ganzen **417 Leit** hier Observatiounen gemaach an sech iwwert Belästegungen beklot:

- 365 mol ass sech iwwert de Geruch beschwéiert ginn
- 353 mol iwwert de Steps oder d'Emissiounen
- 266 mol iwwert de Kaméidi.

Déi éischt 275 Ënnerschrëften hu mir mat eisem Avis un déi verantwortlech Instanz weidergeleet. Déi aner 142 Ënnerschrëften (nom Delais) goufen nogereecht. Et gëtt héich Zäit, dass KRONOSPAN d'Ëmweltoplage respektéiert!

Weider Problemer bei KRONOSPAN bleiwen de Verkéier, d'Ubannung un d'Schinnenetz, d'Opfänke vum Reewaasser a vum Schmutzwaasser an de Schutz vun der Chiers.

Weider Infos zum Thema KRONOSPAN stinn op eiser Internetsäit www.bigs.lu (Dossier KRONOSPAN) oder iwwert Kontakt rborrel@pt.lu oder bigs@pt.lu.

Dans le cadre de l'enquête de commodo-incommodo concernant la demande de SA KRONOSPAN Luxembourg tendant à obtenir l'autorisation pour une fabrication de panneaux en bois aggloméré, stockage temporairement de déchets dangereux, traitement et valorisation par co-incinération de déchets dangereux à rue Gadderscheier, Soleuvre, la BIGS asbl a déposé un avis dans lequel ont été formulés quelques observations.

Dans notre avis nous avons demandé que les nuisances actuelles soient supprimées avant qu'une nouvelle autorisation ne soit accordée en vue d'une extension de la production.

Or, en matière d'émissions de particules le dossier soumis énumère des substances chimiques toxiques tel le formaldéhyde, ce qui nous laisse craindre que les nuisances causées par les odeurs, seront encore plus lourdes et nocives. Vu les nuisances sonores certifiées par l'unité de contrôle et l'inspection de l'administration de l'environnement - dépassements mesurés surtout pendant la nuit, temps de repos pour la population - une extension de la production, sans avoir recherché la source et les causes du bruit actuel, nous semble inadmissible.

La société requérante doit d'abord respecter les mesures ordonnées et promises et l'évaluation des incidences sur l'environnement doit englober l'ensemble des nuisances actuelles et à prévoir. En pleine crise climatique toute émission de gaz à effet de serre et à effets secondaires doit être contrôlée et réduite au strict minimum.

Le sondage, que nous avons effectué auprès des habitants.e.s de Sanem et de Soleuvre et qui avait été déjà annoncé avant la pandémie, a retenu **417 personnes** qui se sentent être affectées dans leur qualité de vie à savoir:

- 365 à cause des odeurs
- 353 à cause de la poussière (émissions)
- 266 à cause du bruit.

Les premiers 275 témoignages ont été transférés en accompagnement à notre lettre/avis aux instances compétentes. Les 142 signatures recueillies après le délai ont été déposées ultérieurement. Il est grand temps que KRONOSPAN respecte enfin les exigences environnementales !

D'autres problèmes concernant KRONOSPAN doivent également être résolus - la réduction du trafic routier via une connexion au réseau ferroviaire, la récupération de l'eau pluviale et des eaux usées en vue d'une meilleure protection de la Chiers.

Vous trouverez plus d'infos sur ce thème sur notre page Internet www.bigs.lu (Dossier KRONOSPAN) ainsi que via nos contacts rborrel@pt.lu ou bien bigs@pt.lu

ODEURS & POUSSIÈRES & BRUITS



GERUCH & STÈPPS & NUETSKAMÉIDI